Gemeng Sëll

Invitatioun

Virstellung vun der Chronik
„Aus den Annalen der Gemeinde Saeul“

Auteur : Guy Wolff | Editeur : Gemeng Sëll

10.02.2023 | 19:00 Auer

am Festsall, 7, route d’Arlon zu Sëll

Mellt Iech aus organisatoresche Grënn wegl. bis spéistens den 06.02.2023 bei der Gemeng un: (secretariat@saeul.lu Tél.: 23 63 22 20).

D’Gemeng offréiert no der Virstellung en Patt an eng Klengegkeet z’iessen.



Baséierend op dem Gemengeprojet vum historeschen Themewee „Gemeng Sëll – fréier an haut“ hat de Guy Wolff proposéiert, déi um Circuit presentéiert Themen ze verdéiwen an eege Recherchen iwwer d’Lokalgeschicht vun der Gemeng Sëll ze maachen.
Esou ass d’Chronik „Aus den Annalen der Gemeinde Saeul“ entstanen, déi bal 500 Säite Contenu zielt. Dëst wäertvollt Buch, dat eis vum Zäitalter vun de Kelte bis an eis haitegt Zäit féiert, erhält soumat d’Wësse vun der Gemeng Sëll och fir zukünfteg Generatiounen.

No der Virstellung kënnt Dir en Exemplar vun der Chronik fir 80€ och direkt op der Plaz kafen.

Déi Léit, déi schonns eng Préinskriptioun (reduzéierten Tarif vun 75€) fir d’Chronik gemaach hunn, kënnen hir Exemplar(en) och no der Virstellung bezuelen a siche kommen. Méi Detailer zu der Préinskriptioun, déi bis den 31.01.2023 leeft, fannt Dir op der Internetsäit (www.saeul.lu) ënnert der Rubrik „Tourisme“.

Wann Dir deen Owend keng Zäit hutt, ass d’Chronik duerno am Populatiounsbüro (wärend den normalen Ëffnungszäiten) ze kréien.

D’Publikatioun muss mat boer Geld bezuelt ginn.